# Komm, mir raumen!

## Firwat ass dëst Spill gutt?

- Dëst Spill ka mat all deene Spill- a Bastelsaache gespillt ginn, déi vill Stécker hunn: Stécker vu verschiddene Faarwen, Gréissten a Formen, wéi z. B. den Duplo, de Lego, Baukasten, Pärelen a Knäpp.
- „*Wéi eng Stécker passe beieneen?*" Dir wäert iwwerrascht sinn, wéi eng a wéi vill verschidde kreativ Äntwerten Äert Kand op dës Fro wäert fannen! Op eng flott a spilleresch Manéier ginn hei logesch-mathematesch Begréfflechkeete wéi z. B. d'Faarwen, d'Gréissten, d'Formen an d'Zuele gebraucht a weiderentwéckelt.

## Wéi geet dëst Spill?

- D'Spillmaterial läit op dem Buedem/op dem Dësch. Elo geet et drëm, fir dëst ze sënneren an déi Stécker beieneenzeleeën, déi beienee passen. Dëppercher, Schosselen oder kleng Këschte maachen d'Sënnere méi einfach.
- Hei nëmmen e puer Méiglechkeete vu villen:
  - D'Stécker an d'Saache ginn no Faarwe sortéiert: rout, giel, orange, gréng, blo, rosa, mof, gro asw.
  - Stécker a Saache vun där selwechter Gréisst gi beieneegeluecht: laang a kuerz, déck an dënn, kleng a grouss asw.
  - D'Stécker an d'Saache ginn no Forme gesënnert: eckeg (spatz) a ronn; Stécker déi rullen a Stécker, déi net rullen.







  - Legostécker mat d'selwecht ville „Knubbelen" (Noppen) gi beieneegeluecht (2, 4, 6, 8 Knubbelen asw.).
  - Blénkeg an net blénkeg, glat a knubbeleg, haart a mëll, mat an ouni Lächer, spatz an net spatz sinn nëmmen e puer Krittären, no deene Kanner gäre sënneren.
  - Knäpp mat an ouni Lächer; mat an ouni Muster; mat 2 oder 4 Lächer asw. gi beieneegeluecht.
  - Planzen, Déieren, Mënschen, Gefierer si weider beléifte Kategorien.

Dës Lëscht ass nach laang net fäerdeg; Äert Kand wäert mat Sécherheet vill weider kreativ an iwwerraschend Méiglechkeete fannen.



Knäpp mat an ouni Musteren ...



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Komm, mir raumen!

## Wat kann ech nach maachen?

- Kuckt Ärem Kand no: Wéi leet et sech un? Wéi eng Krittäre wielt et aus?
- „*Firwat hues du dës Stécker beieneegeluecht?*" D'Fro nom Firwat ass eng ganz wichteg Fro, well si Äert Kand dozou opfuerdert, dee gemeinsame Krittär ze beschreiwen (z. B. „*Si passe beieneen, well si sinn all kleng.*"). Kategorien, fir déi et keen Numm gëtt, ginn nawell gären als „net esou ..." bezeechent (z. B. Stécker, déi rullen, a Stécker, déi net rullen; Stécker, déi blénkeg sinn, a Stécker, déi net blénkeg sinn).
- Probéiert, fir méiglechst vill verschidde Manéieren ze fannen, fir d'Stécker ze sortéieren. Am Ufank ass et warscheinlech, datt Äert Kand no deenen Eegeschafte kuckt, déi an d'A stiechen, wéi d'Faarf an d'Gréisst. Wann Dir dëst Spill e puermol mat Ärem Kand zesumme spillt, an et dozou ureegt, no neie Méiglechkeeten ze sichen, fänkt et un „ëm den Eck" ze denken. Nei an ongewéinlech Kombinatioune wäerten op de Plang kommen.
- D'Spill gëtt nach méi lieweg, wann e puer Kanner matenee spillen: Si diskutéieren, soen, firwat d'Stécker beienee passen asw.

## Wat brauch ech fir dëst Spill?

- Fir dëst Spill brauch et näischt, wat Dir souwisou net schonn doheem hutt: Konstruktiouns- oder Bastelmaterial an Dëppercher/Schosselen/Uebstbarquetten asw.




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse